PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Am Staatsbudget fir 2025 si ronn 52 Millioune fir de Schülertransport virgesinn, dëst um *Budgetsposten "Transports scolaires assurés par des entreprises privées en exécution des contrats de services publics conclus avec l'Etat."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch eng Oplëschtung mat folgenden Informatiounen fir d'Joren 2022 bis 2025 maachen:
   - Numm vun der Transportfirma;
   - Nummer vun der Streck a wéi eng Schoul concernéiert ass;
   - Kilometer pro Streck?
2. Kann d'Ministesch d'Staatsbudget vun 2022 bis 2025 op déi eenzel Busentreprisen oplëschten?
3. Wat sinn 2025 déi duerchschnëttlech Kilometerpräisser fir d'Strecken am Schülertransport, opgelëscht no Transportfirma?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten